

Service à temps partiel pour raisons de santé

Am Fall vu gravéierende gesondheetleche Problemer, kann de Beamten oder Employé ënnert bestëmmte Konditioune vun engem Service à temps partiel pour raisons de santé profitéieren. Dës Reduzéierung vun der Aarbechtszäit ka mat engem Aménagement de Poste oder engem Changement de Poste innerhalb der nämmelechter Administratioun verbonne sinn.

D'Commission spéciale en matière de pensions decidéiert doriwver, wien ee Recht op sou ee Service à temps partiel pour raisons de santé huet. Den Temps partiel pour raisons de santé gëtt beim Berechnen vun der Pensioun wéi een Temps plein ugerechnet.

Opgepasst! Beamten oder Employéen, déi de Rentenuntrëttsalter erreicht hunn, gi bei enger Demande fir sou ee Service à temps partiel pour raisons de santé d'office pensionéiert. Och Beamten oder Employéen, déi während engem lafende Service à temps partiel pour raisons de santé de Rentenuntrëttsalter errechen, ginn d'office pensionéiert, soubal si deen Alter erreicht hunn.

Format:

Eng Tâche vu 75% oder 50% ;

Eng Tâche vu 25% während max. 1 Joer.

Indemnitéit :

Jee no Tâche (75%, 50% oder 25%) kritt een déi feelend Stonne bis zur Vollzäit als Indemnitéit ausbezuelte.

De Montant vun dëser Indemnitéit gëtt folgendermoosse berechent:

Montant vun der Indemnitéit = All pensionabel Elementer vun dem leschten Traitement virum Service à temps partiel – Traitement vum Service à temps partiel pour raisons de santé.

Konzernéiert Persounen:

- Staatsbeamten;
- Gemengebeamten;
- Employéen am Pensiounssystem vun de Staats- oder Gemengebeamten*;
- Agenten vun der CFL.

*Als Employé kënnst een entweder ab dem Alter vu 55 Joer oder ab 20 Joer Service an engem CDI an de Pensiounssystem vun de Staatsbeamten.

Net konzernéiert Persounen:

- Beamten oder Employéen, déi Usproch op eng pension de vieillesse oder de vieillesse anticipée hunn.
- Stagiären
- Employéen, déi net am Pensiounssystem vun de Staats- oder Gemengebeamte sinn.

Oflaf vun der Demande:

Op Ufro vum Beamten/Employé, vum Kontrolldokter oder vum betraffene Ministère gëtt d'Pensiounskommissioun saiséiert. De Kontrolldokter erstellt dann ee Rapport, dee vum Aarbechtdokter mat engem Avis zur Aarbechtfäegkeet vum Beamten/Employé completéiert gëtt. Opgrond vun dësem Rapport entscheet d'Pensiounskommissioun doriwver op:

- De Beamten/Employé fäeg ass, normal schaffen ze kommen;
- De Beamten/Employé pour inaptitude physique pensionéiert gëtt ;
- De Beamten/Employé an engem Service à temps partiel pour raisons de santé ka weiderschaffe goen ;
- De Beamten/Employé net op dem aktuelle Poste weiderschaffe kann, mee op een anere Poste muss gesat ginn.

Enn vum Service à temps partiel pour raisons de santé:

De Service à temps partiel pour raisons de santé kënnst op een Enn a folgende Fäll:

- Op Demande vum Employé/Beamten, deen d'Commission spéciale saiséiert ;
- Op Demande vum Aarbechtdokter, dee während enger medezinescher Kontroll festgestallt huet, dat de Gesondheitszoustand vum Employé/Beamten et him rëm erlaabt, entweder voll schaffen ze goen oder den Aarbechtswolume eropzeschrauwen;
- Beim Erreeche vum Pensiounsalter vum Employé/Beamten.

Part-time due to medical reasons / Service à temps partiel pour raisons de santé

Definition:

In the case of serious health issues, an employee or fonctionnaire may be eligible for a "service à temps partiel pour raisons de santé" (part-time due to medical reasons). This reduction in workload can also involve an "aménagement de poste" (workplace adjustment) or even a "changement de poste" (job transfer) within the same administration.

A special pension commission determines whether the employee/fonctionnaire is entitled to this form of part-time. Part-time due to medical reasons is treated as full-time in terms of pension calculations.

Warning: Employees or fonctionnaires who have reached pension age (even the age when they are eligible for early retirement pension) will be required to retire if they benefit from part-time due to medical reasons.

Forms:

- A workload of 75% or 50%.
- A workload of 25% for a maximum of 1 year.

Compensation:

The employee/fonctionnaire will receive a compensation corresponding to either 25%, 50%, or 75% of the pensionable elements of their salary, depending on the form of their part-time (75%, 50%, or 25%).

Who is Eligible for This Form of Part-Time?

- Fonctionnaires
- Employees who are part of the pension system for fonctionnaires (after 20 years of service or from the age of 55 onwards)

How to Apply for Part-Time Due to Medical Reasons:

The employee/fonctionnaire, the ministry, or an approved examining doctor can contact the special pension commission. The examining doctor will write a report on the employee's/fonctionnaire's health status. This report will be supplemented by the occupational health doctor, who will indicate whether the employee/fonctionnaire is capable of working (full-time or part-time) or not. The special pension commission will then decide whether:

- The employee/fonctionnaire can return to work.
- The employee/fonctionnaire must retire due to physical incapacity.
- The employee/fonctionnaire is eligible for part-time due to medical reasons.
- The employee/fonctionnaire must change their job within the administration.

When Does Part-Time Due to Medical Reasons End?

- When the employee/fonctionnaire requests to terminate it by referring the matter to the special pension commission.
- When the occupational health doctor determines that the employee/fonctionnaire is capable of returning to full-time work or less.
- When the employee/fonctionnaire reaches retirement age.